Kommissioun vun der Kooperatioun vun der Stad Ettelbréck

Rapport vun der Réunioun vum 25.04.2018 em 19.30 Auer

Present: Mireille Reuter-Schmit, Presidentin
Faber-Thillens François, Hirt-Lengler Claudine, Karier-Schaus Marc, Messineo-Poncelet Monique, Momper-Boss Lyette (Weltbuttek), Spang-Bram Martine, Theis-Grosges Nicole, Memberen
Paul Kohner, Sekretär

Entschëllegt: Boever-Majerus Josiane

Aide au Benin asbl

D' Madame an den Här Koeune-Nickels erzielen eis iwwert d'Ufänk an de Wierdegang vun hirer Hëllefsorganisatioun. Enn Februar – Ufanks Mäerz 2018 waren si och perséinlech (op eegen Käschten) do an weisen eis Fotoen iwwert déi interessant Rees.
D' Projeten fir d'Joeren 2017-2018 waren an sinn d' Ariichten vun 3 neien Bueren an den Dierfer Betta an Yayadijo an och an enger Klinik zu Mougnon.
Och goufen Suen an een Bitz Atelier investéiert. Natierlech ginn déi Maschinnen lokal kaaft.

Vill weider Infoen ginn et ënner www.aideaubenin.lu

Rokku Mi Rokka asbl

D' Madame Marion Stark erzielt eis kuerz een Historique vun hirer Organisatioun. De Moment ginn et 50 aktiv Memberen. Dëst Joer waren am Abrëll 17 Persounen an den Senegal gefuer an sinn 3 Wochen do bliwwen.
Realiséiert goufen:

- Plantatioun vun 100 Beem an d' Opriichten vun Hochbeeter
- Uleeën vun engem Wee fir an déi sanitär Anlagen ze kommen
- Renovéieren an Ariichtung vun engem Buttek an Ustellen vun 3 behënnerten Persounen. Do ginn elo T-Shirten, Schoulmaterial an Geméis verkaaft
- Uleeën vun neien Bitz – an Sérigraphie Atelieren
- Och ass den Centre d 'Accueil vergréissert ginn. Do konnten lo 2 Leit agestallt ginn.

Vill weider Infoen ginn et ënner www.rokkumirrokka.lu

Schéinen Owend.

Paul Kohner